

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. September 2021


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

No aktuellem Stand (Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2858 vum 15. Oktober 2020 vun den ADR-Deputéierte Fernand Kartheiser a Jeff Engelen) soll de Konzept vun engem Major Incident Hospital („Militärspidol“) fir de Fall vun enger schwéierer sanitärer Kris vum Escher Spidol CHEM als Partner vum Verdeedegungsministère ëmgesat ginn. Elo ass de Bau vum CHEM sengem neie Südspidol, dat och als Site vum Militärspidol virgesinn ass, ëm fënnef Joer no hanne geréckelt ginn. Wat dat fir d'Militärspidol bedeit, wëlle mir mat dëser Fro un d'Regierung klären:

1. Wat fir Konsequenzen huet d'Kënnegung vum HTE-Vertrag duerch d'Escher Spidol op de Bau vun engem Militärspidol um nämmechte Site? Wëll d'Regierung weider un deem Site festhalen?
2. Wat fir Konsequenzen huet e Retard beim Bau vum Militärspidol op d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Verdeedegungsbudget?
3. Steet d'Regierung nach ëmmer ganz hannert dem Konzept vun engem Major Incident Hospital?
4. Wäre et net denkbar, datt de Konzept vum Militärspidol elo esou konzipéiert an ugepasst gëtt, datt en Hôpital militaire de campagne op engem niddregen Echelon méiglechst séier um Terrain kéint deployéiert ginn, och schonn ier déi Gebailechkeete beim Südspidol Realitéit ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten